Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, ginn d'Maartleit an hirer Aarbecht säit Jore mat engem méi héije Sécherheetsrisiko konfrontéiert, deen sech esou wuel negativ op hir eegen Aarbecht, wéi och op d'Liewensqualitéit vun hire Clienten auswierkt. Tendenziell schéngt déi Situatioun ëmmer méi schlëmm ze ginn. Op ville Plazen am Land ginn d'Maartleit vun organiséierten Heeschebande belästegt, vun deene Verschiddener och mol einfach Saachen op de Stänn klauen, an d'Clientë ginn ëmmer méi dacks Affer vu Belästegungen a verbalen Iwwergrëffer, wat roueg Kommissiounen um Maart ganz schwiereg mécht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi reagéiert d'Regierung op dës Sécherheetsmängel op eise Mäert? Ass virgesinn, d'Policepresenz op de Mäert ze verstäerken? Wéi eng legal Méiglechkeeten huet d'Police fir géint esou Mëssstänn op eise Mäert virzegoen?
2) Kéint d'Regierung sech virstellen, e Sécherheetsperimeter ëm d'Mäert ze zéien, wou d'Heescherei verbueden ass, fir dësen Aktivitéiten en Enn ze maachen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten